## Communiqué de presse 08.05.2022

# Final'en vum YONEX Luxembourg Open

Gelongenen Ofschloss vun den éischten **YONEX Luxembourg Open**, en "BWF International Series" Badminton Tournoi fir Senioren, deen vum 5. Bis 8. Mee 2022 an der Coque ofgehalenen gi ass.

No 4 Deeg, 235 Matcher vun 286 Spillerinnen a Spiller aus 39 Natiounen stoungen Haut an den Final'en an der Coque um Kierchbierg d'Finalen um Programm, wou mat Ausnam vun dem Häre Eenzel all Match mat een Representant vun der ganz representéiert war.

**Mixed Doubel:**

Am Mixed Doubel konnt sech déi franséisch Koppel Lucas CORVEE/Sharone BAUER an engem ganz enken Match an 3 Sätz mat 21-18, 17-21 an 22-20 géint hier Géigner aus Indonesien Verrell Yustin MULIA/Bernadine Anindiya WARDANA duerchsetzen.

**Damen Eenzel**

Hei stoungen sech zou jonk Spillerinnen aus Indonesien géigeniwwer, déi allen 2 hunn missen duerch d'Qualifikatioun goen. Dat 16 Joer jonk Chiara Marvella HANDOYO konnt sech zimmlech souverän mat 21-9, 21-9 géint hier Landsfra Aura Ihza AULIA.

**Häre Eenzel**

Um Pobeier war dëst een richtegen Highlight, wou d'Nummer 78 vun der Welt, den Dän Mads CHRISTOPHERSEN, deen hanneschtgesaten Spiller vum ganzen Tournoi, ob säin Landsmann an eréischt 20 Joer allen Magnus JOHANNESEN, Nummer 142 vun der Welt, getraff ass.

No engem intensiven Match iwwert 3 Sätz konnt sech dunn awer d'Erfarung géint d'Jugend duerchsetzen an den den Mads CHRISTOPHERSEN  huet den Tournoi mat 14-21, 21-15 an 21.13 fir sech entscheet.

**Damen Doubel**

Och den Damen Doubel war eng haart ëmkämpften Final, an där sech d'Engländerinne Abbygael HARRIS/Hope WARNER iwwert 3 Sätz mat den Indonesierinne Muh Putra ERWIANSYAH/Patra Harapan RINDORINDO gemooss hunn.

D'Koppel aus England hat zum Schluss e bëssi méi Gléck ob hirer Säit an hunn den ausgeglachenen Match mat 21-16, 16-21 an 22-20 konnten fir sech entscheeden an esou, wei all déi aner och, sech eng éischten Kéier an den Palmarès vum Luxembourg Open aschreiwen.

**Hären Doubel**

Den Ofschloss vun esou engem Tournoi mécht traditionell den Hären Doubel, déi warscheinlech spektakuläersten Disziplin am Badminton, wou Kraaft an Schnellegkeet net ze iwwertreffen sinn.

Hei stoungen sech d'Koppelen Andreas SØNDERGAARD/Jesper TOFT aus Dänemark an den Indonesier Muh Putra ERWIANSYAH/Patra Harapan RINDORINDO géigeniwwer.

An 2 ganz intensiven Sätz hunn d'Dänen mat 21-15 an 23-21 zum Schluss d'Iwwerhand behalen, esou dass d'Indonesier, ausser bei den Damen, all Kéiers sech missen mat der 2ter Platz zefridden gi.

Vun der Federatioun aus sinn mir ganz houfreg iwwert den gudden Oflaf vum Turnéier an soen den ganz villen Benevollen, déi ënnert der Direktioun vum Adrien Guignard an senger Ekipp, dofir geseecht hunn een ganz groussen Merci.

E Merci och den Sponsoren, deen déi Event iwwerhaapt erhéicht méiglech gemaach hunn.

Mir frënn eis elo schoun ob déi nächst Editioun 2023 an hoffen do e bëssi méi Public an der Coque kennen ze begréissen.

**Linken:**

Hei nach e puer Linken, déi kéinten interessant sin:

| | |
|---|---|
| Site vum Tournoi: | http://luxopen.badminton.lu |
| Resultater vum Tournoi: | https://bwf.tournamentsoftware.com/tournament/69F5DA41-7EC5-4E31-8298-9D47D2C1752F |
| Site vun der Federatioun: | www.badminton.lu |